



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère d'État

**Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, Kommunikatiouns- a Medieminister op d'parlamentaresch Fro n°6068 vum 15. Abrëll 2022 vum honorabelen Deputéierten Sven CLEMENT.**

#### **Ad 1)**

Et gi 4 global Satellitenavigatiounssystemer (global navigation satellite systems - GNSS) : de GPS, de GLONASS, de BeiDou an de Galileo. De Galileo ass den europäesche GNSS a gëtt vun enger europäescher Agence mat Sëtz zu Prag bedriwwen. De Servicecenter ass zu Madrid an seng zwee Buedemkontrollzentren sinn zu Fucino an Italien, respektiv Oberpfaffenhofen an Däitschland. Dës suerge fir ee géigesäitege Backup. Aner Galileo Buedemstatioune ginn et an der Belsch, a Frankräich an an Holland. De Galileo gouf entwéckelt als Alternative zum amerikaneschen GPS-System an zum russesche GLONASS. De Galileo an de GPS sinn interoperabel.

All Bedreier vun enger kritescher Infrastruktur muss analyséieren vu wéi enge Ressourcen de Fonctionnement vun senger kritescher Infrastruktur ofhänkt an den Impakt vun hirem Ausfall évaluéieren. Deementspriedend mussen déi néideg Sécherheits- a Kontinuitéitsmoosnamen (z.B. Redondancen) geholl ginn. Équipementer fir de Gebrauch vu GNSS-Informatiounen, fir d'Geolocalisatioun (Navigatioun, Bestëmmung vu Positioun) a fir d'Zäitbestëmmung, kënnen och ënner esou Ressourcen falen.

Wann eng GNSS-Ressource bei enger kritescher Infrastruktur am Asaz ass, wat bei ville kriteschen Infrastrukturen net de Fall ass, heescht dat net, dass d'Infrastruktur dovunner kritesch ofhängeg ass, mee an deem Fall bleiwen déi konventionell (net op Satellitkommunikatioun baséiert) Instrumenter fir d'Navigatioun, de Positionéieren oder d'Auerzäit entweder als Haaptinstrument, Redondance oder Kontingenz bestoen.

Déi méiglech Auswierkungen vun engem Ausfall vun engem GNSS-System op d'Sécherheet vu lëtzebuergesche kriteschen Infrastrukturen ginn als net kritesch agestuft.

#### **Ad 2)**

D'Äntwert op d'Fro n°3533 ass nach ëmmer richteg a gëllt och fir de Secteur vun der Satellitkommunikatioun. D'Sécherheits- a Kontinuitéitspläng hunn net nëmmen eng Approche vu Risikomanagement mee och eng vun Kontinuitéitsmanagement. Doduerch entwéckelen d'kritesch Infrastrukturen eng gutt Resilienz géintwäerger Verännerunge vu Geforen. Donieft offrëiert de GovCERT de Bedreier vu kriteschen Infrastrukturen eng Zesummenaarbecht fir hir Cybersécherheet ze stäerken, woubäi och op Ännerungen an der Cybermenace direkt reagiert gëtt.

**Ad 3) a 4)**

All Bedreiwere vun enger kritescher Infrastruktur huet e Backupsystem, dat heescht mindestens eng alternativ Méiglechkeet fir dass seng kritesch Infrastruktur weider funktionéiert wann d'GPS-Signal fir d'Geolocalisatioun an d'Zäitbestëmmung net méi do ass. Un Efficacitéit geet näischt verluer, méiglecherweis hëllt d'Effizienz vun deem engen oder aneren Prozess of.

**Ad 5)**

Den HCPN kooperéiert mat aneren Kontaktpunkte fir kritesch Infrastrukturen an der EU am Kader vun der Directive 2008/114/CE iwwer europäesch kritesch Infrastrukturen.

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier Bettel